



maachen an och eben eng Hëllefstellung si fir Elteren, déi Kanner hunn, déi ADHS-Symptomer opweisen.

Ech deelen d'Ausso vu menge Virriedner, dass et ganz wichteg ass, dass an der Formation initiale Wëssen iwwer Lernbehënnerungen an eben och iwwer ADHS vermëttelt gëtt. Dat stoung och an deem Profil, deen de Ministère vun der Éducation nationale ausgeschafft hat, de Profil vum Enseignant, deen en der Uni ginn huet: Wat hätte mir gär, dass e Schoulmeeschter, eng Léierin un Initialformatioun matbréngt?

Ech muss soen, dat ass no villen Aussoen net esou ëmgesat ginn an der Formation, déi op der Uni Lëtzebuerg viru véier, fënnef Joer ugelaf ass. Mir sinn awer elo erëm an de Gesprécher, well d'Uni jo envisagéiert, an net nëmmen envisagéiert, mä drun ass, d'Formatioun ze reforméieren op Basis vun deene Feedbacken, déi se kritt huet, fir dann ebe verstärkt dës Dimensioun mat eranzehuelen.

Wat d'Formation continue ugeet, verstinn ech dem Här Adam säi Problem, dass en d'Formation net erëmfonnt huet um Site vum SCRIPT. Ech hunn et nämlech och gesicht an hunn et net fonnt. Dunn hunn ech den Téléphone geholl an dunn hunn ech gefrot: Wéi ass dat mat där Formation?

Et gëtt Formation continue ugebueden am SCRIPT fir d'Enseignanten, an - dat ass nei - mir hunn eng Zesummenaarbecht mat der Famille, och fir Éducateurs, déi an de Maisons relais schaffen.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Dat ass geheim!

(*Interruption*)

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Also, wahrscheinlech si mir zwee net esou begaabt, fir um Internet ze surfen, fir dat erëmzefannen!

► **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech géif dat elo mol esou formuléieren.

(*Interruptions*)

Also, déi Formation lafe wéi all Joer. Mä derniewent huet d'Édiff speziell Formation fir déi Leit, déi an de Centres, also an de Servicer vun der Édiff schaffen an de CPOS huet och speziell Formation fir Leit, déi an de SPOsen an am CPOS schaffen.

Ech hunn och d'Lëscht vun den Inscriptiounen. Ech muss allerdéngs soen, dass déi Formationen, déi sech allgemeng un d'Enseignanten adresséieren, dass do elo net een immense Rush an den Inscriptiounen ass, fir esou Formationen unzehuelen. Dat ass da meng Schold, well mir dëst Joer gesot hunn, et gëtt verschidde Formations prioritaires. Dat ass elo d'Émsetzung vum neie Gesetz, esou dass ech soen, mir hu jo een immensen Zouwuess u Formation continue, dass déi Leit sech dann elo fir d'éischt an déi Formation aschreiwen.

Da gëtt et e ganze Koup Leit - och zu Lëtzebuerg -, déi sech mam Sujet vill niefeschäftegen an och Artikele schreiwen, notamment an Zeitunge vun Enseignanten. Ech hunn een Artikel vum Här Nicolay, deen 2010 an enger Zeitung erschéngen ass, vun de Gewerkschaften, a wou en am Fong ganz vill nützlech Tuyaue gëtt, fir ze soen, wann ech Kanner mat ADHS oder Lernbehënnerung an der Schoul hunn: Wat kann ech maachen am Unterrecht?

Well dat eent ass, déi Kanner extra ze betrieen. Dat anert ass, wa se integréiert sinn an der Schoul, mussen natierlech och déi Leit, déi all Dag mat hinnen ze dinn hunn, déi keng Spezialiste sinn, déi mussen och eng Struktur an der Schoul halen, schafen, fir dass d'Kanner eens ginn. A wann Der déi Saache liest, da sot Der am Fong, dass dat all Kand zeguttkënn.

Dat heescht, dass ee kloer Strukturen huet an der Schoul, dass ee Pause mécht, dass een de Kanner erlaabt, vun Zäit zu Zäit

sech ze bewegen. Well mer jo wëssen, dass d'Gehir da besser duerchblutt ass an dass et da besser weidergeet. Dat sinn also ganz einfach Saachen, déi ee ka maachen, fir deene Kanner, déi llicht de Symptom hunn, d'Liewen an der Schoul méi einfach ze maachen.

(*Interruption*)

Och do gëtt et eng ganz Rei Formations continues, déi dat ubidden.

An da kënnt d'Fro vun de Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg keng Äntwert fannen op hir Beschoulung. Do wollt ech awer déi maßlos Iwwerdreiwung, déi hei ugefouert ginn ass, ofhuelen. Normalerweis gesäit eis Prozedur vir, dass e Kand, wat Schwierigkeiten an der Schoul huet, wou signaléiert gëtt, gëtt en Diagnostic gemaach an da gëtt an der Commission d'inclusion scolaire e Plan individualisé de prise en charge. Do sinn dann d'Moossnamen dran, déi mam Kand gemaach ginn, fir dass et kann an enger normaler Schoul integréiert ginn.

Wann da méi grouss Problemer opstinn, da ka gefrot ginn, dass d'Kand an eng Spezialschoul kënnt. An all déi Demandé mussen duerch d'Commission nationale goen, fir eng Autorisation ze kréien, dass se an d'Ausland ginn. An ech hunn de Chiffer elo net genau am Kapp, mä dat sinn der ronn 190. Mir sinn also wäit vun deene Chifferen ewech, déi hei avancéiert gi sinn.

Ech fannen dat der nach ëmmer vill, déi duerch d'Commission médico-psychopédagogique nationale ginn. An do ass dann och eng Prise en charge vum Ministère, deen dann also d'Schoulkäscht fir déi Kanner do iwwerhëlt.

Ech sinn domadder d'accord, dass mir musse méi Strukturen hei zu Lëtzebuerg schafen. Mir sinn och do an Aarbechtsgruppe mat dem Ministère vun der Santé a mam Ministère vun der Famille amgaang doriwwer ze diskutéieren an ze plangen. Eng Rei kleng Internater gëtt et, notamment zu Woltz. Et sinn der nach zwee vum Ministère de la Famille a Planung. De Ministère vun der Éducation nationale stellt dann d'Enseignanten, fir an déi Centres kënne ze goen.

Mä ech kann dem Här Bauler elo net e prezisen Timekalenner ginn, well do jo och Ressources financières a Ressources humaines mat erafléissen. Mä ech wëll just hei nach eng Kéier versécheren, dass mer eis der Problematik bewosst sinn, dass mer och der Détresse, dem Misär vun de Leit wëlle begéinen an dass mer dofir zesumme kucke weiderzekommen an deenen dote Froen.

Dat war et vu mir. Villmools Merci, Här President.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- An ech soen der Madame Minister e grouse Merci. An domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo wëllt nach dozou Wuertstellung huelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Jo, Här President, just fir e puer Prezisiounen oder e puer Informatiounen ze ginn, déi vun eenzelnen Deputéierten opgeworf gi sinn am Zesummenhang och mam Remboursement oder Netremboursement vu Medikamenter.

Fir d'éischt emol feststellen, dass déi medikamentös Behandlung e Standbeen ass, mä just ee Standbeen ass vum Traitement vun deene Problemer. Dass déi richtig Approche eng multidisziplinär ass, wou d'Medikament, wann et néideg ass, seng Roll ze spillen huet, mä déi Zesummenaarbecht zwëschent deene verschiddeenen Acteuren an deenen eenzelne Ministèren och extrem wichteg ass. An do si mer zënter enger Rei vu Joren op enger gudder Schinn. Ënner anerem och fir d'Santé mentale a senger Ganzheetlechkeet bei de Kanner besser kënne ze assuréieren an och op Problemer, déi op tauchen, zesumme kënne ze reagéieren.

Wat d'Medikamenter ugeet, ass et laang esou gewiescht, dass just ee Medikament rembourséiert ginn ass, dat ass de Ritalin. De Ritalin ass ee vun där éischter Generatioun. Do hannendru ass dann en ähnlech Medikament mat méi Laangzäit-

wirkung - dat ass eigentlech Ritalin retard, heescht Concerta - op de Maart komm, awer zu Konditiounen, déi zimlech exorbitant waren.

Mir hu laang gesicht, fir eng Alternativ ze fannen. Déi ass fonnt ginn, an an der Zwëschenzäit gëtt en alternativt Medikament am Retard - Medikinet - rembourséiert, wou och eng ganz Rei vu Kanner drop ëmgestiege sinn.

Eng zweet Fro, déi gestallt gi war, dat ass déi vun der Schoulmedezin, wéi et weider mat der Reform vun der Schoulmedezin geet.

Dir wësst, dass mer e Règlement grand-ducal fir wesentlech Ännerungen an der Prise en charge bei der Schoulmedezin op den Instanzewee ginn haten, de Conseil d'État eis awer gesot hat, dass d'Base légale, fir dat Règlement a Kraaft ze setzen, ongenügend wär. De Conseil d'État huet awer direkt reagéiert an eis eng Propos gemaach, wéi mer d'Gesetz kéinten adaptéieren, fir dat verbessert Règlement kënne ze verofschidden.

D'Santéskommissioun ass am Moment amgaang mat der Analys vun deem klenge Projet. Opgrond vun deem Gesetzesprojet kënne mer d'Reglement, dat wesentlech Ännerungen an der praktescher Ausféierung vun der Schoulmedezin wäert bréngen, a Kraaft setzen. Mir wäerten an deenen nächsten zwee Méint prett sinn, fir dat ze maachen.

Voilà, dat waren déi zwou Hauptfroen, wou ech zousätzlech Informatiounen wollt ginn, mat nach eng Kéier ënnerstrach: Dat Medikamentöst ass een Element; déi multidisziplinär Approche ass déi eenzeg richtig Approche, fir op déi Problemer hei kënne anzegoen.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci, Här Gesondheitsminister, fir déi Prezisiounen. Den Här Colombero fillt sech nach eng Kéier erausgefuerdert.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Jo, ech wollt nach reagéieren op d'Éducatiounsmnistesch. Ech hat e Chiffer genannt, 5.000 ginn an d'Ausland, Madame Minister, net 190. An deene leschte 15 Joer si 5.000 Kanner an d'Ausland gaangen, an d'Belsch a Frankräich, an Däitschland. Dir refuséiert lech ëmmer, fir déi Chifferen ze publizéieren.

(*Interruption*)

Sou. Sot wann ech gelift elo d'Wourecht. Dat kënnt vum SCAP.

(*Interruption*)

De SCAP huet dat de Spezialisten iwwermëttelt. Et si 5.000 Kanner déi lescht 15 Joer, an net 190, wéi Dir elo gesot hutt.

► **M. le Président**.- Gutt, elo kritt nach ganz schnell eng Kéier d'Madame Ministesch d'Geleëenheet, fir dorobber ze äntwerten.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech wollt soen, dass et déi lescht Chiffere sinn, déi mer elo an der Kommissioun haten. Ech hunn effektiv net zesummegezielt iwwer 15 Joer. Esou hat Dir dat jo och net presentéiert. Zweetens wollt ech soen - ech sinn net gutt, fir Chifferen ze verhalen -, mä am Rapport d'activité vum Ministère vun der Éducation nationale ziele mer op, wéi vill Kanner an d'Ausland an d'Schoul ginn, wéi vill an der Belsch, wéi vill an Däitschland, a wéi vill a Frankräich, an et ass also net esou, dass mir déi Chifferen do géife wëlle verheemlechen. Dat wollt ech just hei als komplementär Informatioun ginn.

► **M. le Président**.- Merci, Madame Ministesch. Elo ass awer d'Diskussioun definitiv ofgeschloss, an elo komme mer als nächste Punkt op d'Chamberskonte vum Joer 2008. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo nach kee Riedner ageschriwwen, ausser natierlech dem Här Carlo Wagner a senger Qualitéit als Rapporteur. Duerfir kritt dann och elo den honorabelen Här Carlo Wagner d'Wuert.

3. 6098 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2008

Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Carlo Wagner** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi all Joer ass et un der Chamber, fir hir Konten ënnert d'Lupp ze huelen. D'Analys vun der Kontabilitéit 2008 gouf vun der Spezialkommissioun des Comptes, geméiss dem Artikel 164 vun eise Règlement interne, duerchgefouert. Als President vun där Kommissioun hunn ech haut d'Éier, lech d'Zuele vum Exercice 2008 virzeleeën.

Mir hunn en Aktiv an e Passiv vun 19,6 Milliounen Euro ze verbuchen. Dat ass eng positiv Differenz vun dräi Milliounen par rapport zum Exercice 2007. Bal 20 Milliounen Avoiren, dat ass eng net négligeabel Zomm, déi am Hibleck op der Sich no neie Bürosraimlechkeete fir d'Chamber kéinte vun Notze sinn, wann et heescht, schnell um Immobiliemarché ze handeln.

D'Dotatioun aus dem Statsbudget fir d'Joer 2008 louch bei 27,6 Milliounen, dat ass e Plus vun enger Millioun Euro par rapport zu 2007. Allgemeng ass eng relativ Stabilitéit um Niveau vun de Fraisen tëscht 2007 an 2008 feststellen, do sinn effektiv keng spektakulär Ënnerscheeder feststellen. Bei der Rubrik „Députés“ leie mer llicht ënnert de Chiffere vun 2007, mat 9,8 Milliounen Euro par rapport zu 9,9 Milliounen dat Joer virdrun. Et handelt sech hei gréisstendeels ëm Charges fixes, selbstverständlech, déi aus den Dispositiounen vum Wahlgesetz ervirginn, wat erkläert, dass hei och keng riseg Ënnerscheeder kënne kommen.

D'Käschten, déi an der Rubrik „Institutions parlementaires internationales“ opgelëscht goufen, weise mat 618.000 Euro e Minus vu ronn 26.000 Euro par rapport zum Exercice vu virdrun. Do ass haaptsächlech bei de Frais de route et de séjour gespuert ginn, ee Posten, deen de Gros vun dëser Rubrik ausmécht.

Ënnert d'Rubrik „Groupes politiques“ falen d'Crédits de fonctionnement an awer och d'Acquisition de matériel informatique vun deenen eenzelne Fraktiounen a Sensibilités politiques. Hei wäert et och kee wonneren, dass mat eppes Klenges iwwer zwou Milliounen d'Frais keng grouss Schwanckunge kannt hunn.

D'Personalkäschte vum Joer 2008 leie bei eppes méi wéi sechs Milliounen Euro. Dat ass e Plus vu 430.000 par rapport zu 2007. Dës Hausse erkläert sech ënner anerem duerch d'Astelle vun insgesamt aacht Beamten, wat sécherlech gutt ugeluechte Sue sinn, well d'Chamber op gutt Personal ugewisen ass, an dat zumools bei steigendem Aarbechtswolume, deen op eis Chamber regelméisseg duerkënn.

D'Rubrik „Administration“ dann, wou allméiglech Fraisen, wéi zum Beispill Locatioun, Entretien, Restauratioun oder soss Servicer an Acquisitiounen drënnerfalen. Och hei ass näischt Wesentlech geschitt zwëschent 2007 an 2008. Hei sinn am Exercice 2008 Facturë vu ronn 5,6 Milliounen Euro bezuelt ginn, sief dat fir Informatik oder fir d'Loyer. Ech kommen dann zur leschter Rubrik, déi vum Compte rendu, wou mer Frais de publication et de distribution hu vun eppes méi wéi enger Millioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech net méi laang waarde loossen an Är Spannung zu Enn bréngen. D'Spezialkommissioun souwéi de Réviseur d'entreprises Deloitte waren der Meinung, dass d'Konte vun der Chamber an der Rei wieren. D'Spezialkommissioun recommandéiert dann och selbstverständlech, d'Konte vum Exercice 2008 ze approuvéieren, an ech gi mam gudden Beispill vir, an ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- An ech soen dem Här Rapporteur Carlo Wagner Merci. Et ass kee Riedner, dee sech nach ageschriwwen huet, esou datt ech dervun ausginn, datt domadder d'Diskussioun ofgeschloss ass.

Sou wéi den Artikel 164 vum Chamberreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet, an déi folgende Wuertlaut huet:



Résolution

La Chambre des Députés,
vu le rapport de sa Commission des Comptes,
approuve les comptes de l'exercice 2008 et
prie son Président de transmettre la présente
résolution et le rapport de la Commission des
Comptes à la Cour des Comptes pour y être
enregistrés.

Vote sur la résolution

Ass d'Chamber domadder averstanen, fir
par main levée iwwert dës Resolutioun
ofzestëmmen?

(Assentiment)

Ech bieden déi, déi mat der Resolutioun
vun der Kontekommissioun averstane sinn,
d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Dat
schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn, an
d'Resolutioun ass domadder ugeholl.

Sou wéi den Artikel 164 vum Chamber-
reglement et virgesäit, gëtt dës Reso-
lutioun mam Rapport vun der Konte-
kommissioun un d'Cour des Comptes
weidergereecht.

Mir kommen dann elo zu eisem leschte
Punkt vum Ordre du jour, an zwar d'Reso-
lutioun iwwert d'Konte vun der Cour des
Comptes fir d'Joer 2008. Hei hu sech bis

elo schonn ageschriwwen: den Här Thiel,
den Här Wagner an den Här Braz. An als
éischte Riedner ass elo den honorabelen
Här Lucien Thiel agedroen. Här Thiel, Dir
hutt d'Wuert.

4. Résolution concernant les
comptes de l'exercice 2008 de la
Cour des Comptes

Discussion générale

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Här President,
Merci. Ech ka ganz kuerz sinn. Mir si ganz
domat d'accord, wat do festgestallt ginn
ass. Et ass eng gutt Saach, datt mer d'Cour
des Comptes, virun allem d'Personal,
d'Spëtzepersonal vun der Cour des
Comptes alignéiere mat deenen aneren
Ariichtunge vum Stat. Et ass nëmme
gerecht an équitabel, datt mer dat maa-
chen, an duerfir kann ech den Accord vun
der CSV zu dësem Projet ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Dann ass als
nächste Riedner den Här Wagner age-
droen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Merci, Här
President. Ech muss soen, mir hu jo eng
Resolutioun hei virleien, déi vu sämtleche
Fraktiounen ënnerschriwwen ass. Et ass

also och an der Kommissioun vum
Contrôle de l'exécution budgétaire ganz
genau nogekuckt ginn, esou dass ech
mengen, dass mer där Saach kënnen
trauen. Ech ginn dann och den Accord
vun der Demokratescher Partei.

Merci.

► **M. le Président.**- Den Här Félix Braz.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Déi gréng
Fraktioun gëtt och hiren Accord, an ech
schléisse mech de Wieder vun den zwee
Virriedner un.

► **M. le Président.**- Domadder wier
d'Diskussioun ofgeschloss, an esou wéi
den Artikel 158 vum Chamberreglement
et virgesäit, stëmme mer elo iwwert
d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontroll-
kommissioun virgeschloen huet, an déi
folgende Wuertlaut huet:

Résolution

La Chambre des Députés,
vu le rapport du réviseur des comptes de la
Cour des Comptes qui estime que „les
comptes annuels donnent une image fidèle
du patrimoine et de la situation financière de
la Cour des Comptes au 31 décembre 2008,
ainsi que des résultats pour l'exercice clos à
cette date, conformément au référentiel
comptable tel que décrit dans la Note 2 qui
fait partie intégrante des comptes annuels“;

vu l'accord de la Commission du Contrôle de
l'exécution budgétaire avec le rapport du
réviseur des comptes marqué lors de la
réunion du 1^{er} février 2010,

approuve les comptes de l'exercice 2008 de
la Cour des Comptes.

(s.) Anne Brasseur, Félix Braz, Lucien
Clement, Félix Eischen, Lucien Thiel.

Vote sur la résolution

Ass d'Chamber domadder averstanen, par
main levée iwwert dës Resolutioun ze
stëmmen?

(Assentiment)


Da bieden ech déi, déi mat der Reso-
lutioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht
ze hiewen. Dat schéngt mer d'Unanimitéit
vun dësem Haus ze sinn, an domadder ass
d'Resolutioun ugeholl.

Esou wéi den Artikel 158 vum Chamber-
reglement et virgesäit, gëtt dës Reso-
lutioun un d'Cour des Comptes weider-
gereecht.

Domadder si mer um Enn vun eiser
Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si vir-
gesi fir de 16., 17. an 18. Mäerz.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.42
heures)



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

Chamber TV
weist all
öffentlech
Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz